Dikricher Guiden a Scouten

36 am Floss • L-9232 Dikrich
info@diekirch.lgs.lu • http://diekirch.lgs.lu

Léif Aventuren an Explorer, léif Elteren

Summercamp 2016: Nessie 2016

1. Allgemeng Informatiounen

Wou? Ob der Kalbermillen (Kalborn Moulin, 77397 E 129893 N)

Wéini? Vun dem 29. Juli bis den 7. August 2016

Präis? De Camp kascht 170€. Dir hudd zwee Accompten bezuelt :

- Acompte 1: 50€
- Acompte 2: 120€

D`Gruppekees leet eppes bäi. (Dofir vergiesst net lech fir Al Dikrich unzemellen ☺)

Transport? Treffpunkt ass um 9 Auer am Floss. Mir fueren mat Privatauto'en. Wann dir Zäit hutt fir eis dohin zebrengen, melt lech w.e.g bäi eis (avex@diekirch.lgs.lu).

Retour? Den 7. August hunn mir eng Scoutskirmes (weider Detailer ennert Punkt 4) ob der Kalbermillen ab halwer 12.

Iessen? Picknick fir den éischten Metten matbrengen. Fir den Rescht vum Camp ass fir Iessen a Gedrénks gesuergt. D'AvEx brauchen also soss näischt matzebrengen.

Täschegeld? Eiser Meenung no geet een Täschegeld vun +/- 25€ duer. Um Camp selwer brauchen d'AvEx keng Suen, well et keng Méiglegkeet gëtt fir anzekafen. Allerdéngs maachen mir 2 Sortien. Hei besteet natierlech d'Méiglegkeet eppes fir ze drénken oder eng Glace ze kafen (Et ass awer och dësen Dag fir Iessen an Gedrénks gesuergt).

Kontakt? Fir allgemeng Froen während dem Camp kennt dir eis eng SMS ob den Camphandy schécken. Ob der Campplaz selwer ass keen Empfang, mee mir wärten déi reegelmeesseg kontrolléiren an sou séier wéi méiglech zeréck unruffen. An Noutfäll kënnt dir eisem Gruppenchef dem Flory Lorentz unruffen: 621 331 768

2. Gesondheet

D'AvEx sollen d'**Fiche médicale**, déi dësem Bréif beiläit mat enger **Copie vun der Impfkaart**, um Depart fir de Camp engem Chef ofgin. Wanns Du Allergie-Problemer géint verschidden Liewensmëttel hues, oder wanns Du speziell Medikamenter muss all Dag huelen da so onbedengt virun der Rees engem vun den Chef bescheed. Dobäi muss den AvEx un seng **Carte d'Identité** an **Carte sécurité sociale** denken.

Et ass wichteg dass den AvEx fir den Départ vum Camp all dës Informatiounen an Formulairen derbäi huet. Ouni dës Informatiounen kënnen mir hatt/hien net mathuelen.

3. Material an Ausrüstung

Uniform:	Uniform, Foulard, Rank
Gezei:	Gezei fir all Wieder. Net vergiessen: Warm Jackett, Reenjackett, waarmen Pullover, Schwammgezei a Schwammkaap, grouss Tuut fir di knaschteg Wäsch
Schong:	zolitt héich Schong fir ze goen (Hike), Waasserschong, Gummisstiwelen, Turnschlappen
Fir d'Toilette:	(an engem Säckelchen): Handdicher, Wäschläppercher, Zännbiischt an Zahnpasta, Kamp, Klameren, Nuesschnappecher, eventuell ‚Rei in der Tube ', Dicher fir an d'Dusch
Fir ze schlofen:	Schloofsack (eventuell Kessen), Carry-/Isoléiermat (Hike), Pyjama, Teddybär ☺
Fir z'iessen:	(an engem Säckelchen): feierfest Gamelle (fir Zopp, Fleesch, Geméiss, Dessert), Messer, Forschett, Lëffel, Becher (stark an net ze kléng, vir warmt Gedrénks!), **3 Kichendicher**
Verschiddenes:	Bic an Bloc, Täschemesser, Kompass, Täschenluucht mat vollen Batterien, **Bidon**
Gesondheet:	Plooschteren, Mustikcrème, Sonnencrème, eppes vir op de Kapp. Wann den AvEx perséinlech Medikamenter huelen muss, soll en déi och matbrengen an den Chef um Départ ofginn.
Wichteg:	Den AvEx soll säin Rucksack selwer droen kennen a mat sengen Eltren zesummen apaacken an wessen wou hatt/hien seng Saachen fënnt.
Ausserdem:	En aalen Rimm den dem AvEx passt an falls dir eng Angel fir zefëschen hutt kennt der déi och matbrengen.

Ausserdem muss den AvEx een zweeten klengen Rucksack matbrengen, deen en vir d'Sortien hëllt, an an deem och säin Proviant vir den éischten Dag dran ass.
Vir elektronesch Apparater iwwerhuelen mir keng Responabilitéit. Elektronesch Spiller (Gameboy, iPad, …) bleiwen w.e.g doheem.

4. Kirmes

Den letzten Dag invitéiren mir lech an äer Famill ob eng kleng Scoutskiernes, no der dir d'AvEx rëm kennt mat Heem huelen. Mir hunn fir Mëttes en Fierkel um Spiess geplangt an wiren frou wann dir eis bis den **29. Juli** kennt Bescheed soen zu wéivill dass dir kommen wäert.
D' Kirmes fänkt um halwer 12 Auer un.

Bei weideren Froen, zéckt net, eis ze kontaktéiren.

Lena Hertz:	691 873 490
Jeanne Lambert:	661 199 504
Jang Thillen:	691 713 711
Ben Martinez:	691 537 877
Luca Mailänder	

Mat beschten Guiden a Scoutsgréiss,

Är Chefekipp